# 11. MEE 2019 : WANN ECH BUERGERMEESCHTER/-TESCH... WÄR... DANN...!

Den 11. Mee huet Gemeng Nidderaanwen am Kader vum Projet "Niedz4Kidz“ seng Diere vum Gemengenhaus fir d‘zweete Kéier fir déi kleng MatbiergerInne vun 9-12 Joer opgemaach. An der Entrée gouf et en Bändchen em den Aarm an eng Stempelkaart, do goung et lass a Richtung vun de véier Statiounen am Schäfferot, am Gemengerot, am Service Technique an am Buergermeeschter sengem Büro.

Op der éischter Rees gouf sech mat der Fro “Wann ech EUROPA KANDIDAT/KANDIDATIN wär“ ausenee gesat. En Quiz iwwer d’EU-Länner an hier Wäerter, en Puzzle an Äntwerten op, wat Europa ass, wat de Sënn dovunner ass a wisou verschidde Länner net zu Europa gehéiere goufen zesumme fonnt. Hei gouf et och eng Partie flott Cadeaue passend zur Thematik.

Als „JOURNALIST/JOURNALISTIN“ gouf d’Kanner-Säit am Gemengebuet kritesch a konstruktiv analyséiert. D’Journalist/innen hunn sech mat der Froestellung “Wat ass fir mech Gemeng Nidderaanwen? Fir mech, fir eis ...” ausenee gesat an hunn sech op de Wee gemaach fir Leit dozou ze interviewen. Op dëser Statioun gouf och déi nei N4K-Reportermapp virgestallt. Hiren Zweck ass et, fir jonke Leit aus der Gemeng en Moyen ze bidde fir zukünfteg de Gemengebuet, nämlech d’Kanner- an

Jugendsäit mat ze gestalten. Dës soll elo an Zukunft net Kanner-säit /-eck heesche mee “Niedz4Kidz-Säit”.

Wiem et bis dohin ze dresche war, dee konnt sech dono als „SCHWAMM-MEESCHTER/-MEESCHTESCH“ beweisen. Hei gouf den zukünftegen Event vun Niedz4Kidz, nämlech déi ustoend Poolparty, virbereet. Dozou hunn d’Themen ewéi Musek, Cocktailer, Reegelen, Foto-Box etc. gehéiert. Fir eng kléng Erfrëschung war gesuergt andeem een op der Statioun selwer lecker Cocktailer kreéiert konnt.

Den Highlight war natierlech fir eemol „BUERGERMEESCHTER/MEESCHTESCH“ ze sinn. Am Büro vum Buergermeeschter konnten d’Kanner hirer Phantasie fräie Laf loossen an erzielen, wat si als Oberhaupt vun enger Gemeng gäre maachen, verstoen, verännere wéilten. Dat ganzt gouf gefilmt, wouraus en flotte Video entstoe soll. Eng Foto gouf et awer direkt als Undenke mat Heem.

Den Här Buergermeeschter an nach eng Rei aner wichteg Leit aus der Gemeng konnten et net loosse fir eemol luussen ze kommen a fir sech monter mat der jonker Generatioun auseneen ze setzen. No sou vill Ustrengung gouf dunn nach zesummen en Pättche mat Snacks ageholl, en éischte Präis a vill Zweetpräisser goufe verdeelt. An zu gudder Läscht gouf och d'Reportermapp fir den éischte Reportage am nächste Gemengebuet ermëttelt.

Alt erëm kruten d'Kanner aus der Gemeng Nidderaanwen op dësem Event eng Méiglechkeet sech selwer anzebréngen a konnten hier Iwwerleeungen a Wënsch deene Groussen an anere Kanner erzielen. Ziel vum Projet Niedz4Kidz ass et nämlech net nëmmen d'Liewen an der Gemeng Nidderaanwen aus den Ae vun de Kanner ze gesi mee virun allem si dëst aktiv matgestalten ze loossen. Verléierer gouf et also kéng a mat engem Kapp voller neiem Wëssen an neien Erliefnisser, gouf sech dunn op den Heemwee gemaach.

**Vergiesst net: den 11.Juli steet schonn den nächsten Event virun der Dier: eis POOLPARTY an der Schwëmm Sydrall zu Nidderaanwen.**

# SPIELPLÄTZE / AIRES DE JEUX

In ihrem ständigen Bestreben, die Lebensqualität ihrer Bürger zu verbessern, hatte die Gemeinde im Rahmen der Niedz4Kidz-Aktivitäten eine Umfrage zum Zustand der verschiedenen Spielplätze auf ihrem Territorium durchgeführt. Viele junge Teilnehmer reichten ihre Vorschläge und Meinungen ein und nach einem Jahr Arbeit, verschiedenen Schritten und Aktivitäten sind wir stolz sagen zu können, dass man den kleinen "Nutzern" einige Wünsche erfüllen konnte. Dieses war möglich dank Ihrer aktiven und interessierten Teilnahme und gleich mehrere Verbesserungen (neue Schilder, neue Spiele, ...) konnten somit vorgenommen werden.

*Dans sa recherche constante d'améliorer la qualité de vie de ses citoyens, la Commune avait lancé, dans le cadre des activités Niedz4Kidz, une enquête sur l'état des différentes aires de jeux sur son territoire. Beaucoup de jeunes participants ont donné leurs suggestions et avis et maintenant, après une année de travail et de diverses démarches et activités, on est fier de déclarer qu'on a pu exaucer quelques vœux des petits « utilisateurs » et que c'est grâce à votre participation active et intéressée que plusieurs améliorations (nouveaux panneaux, nouveaux jeux,...) ont pu être réalisées.*

SPILLPLAZ

IMPROVED BY
Niedz
4Kidz
Aktiv a mengler Gemeng!

# Sudoku 9 x 9

| | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | 9 | 2 | 6 | | 7 | 4 | | 5 |
| 5 | | 8 | | | 4 | 2 | | |
| | 3 | | 9 | | 5 | | 7 | 8 |
| | 1 | 9 | | 4 | 3 | 5 | | |
| 7 | 2 | | 5 | 6 | | | 1 | 3 |
| | | 3 | 2 | 1 | | 9 | 4 | |
| | 8 | 1 | | | 6 | 7 | | 4 |
| 9 | | 7 | 4 | 5 | | | 8 | 2 |
| 3 | | 5 | 8 | 7 | 2 | | 9 | 1 |

**Lösung /Solution :** www.niederanven.lu/lu/liewen-an-der-gemeng/niedz4kidz